



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Luxembourg, le **25 JUIL. 2019**

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYENBURG
☎ 247 - 86710



Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet: Réponses à la question parlementaire n°831 du 25 juin 2019 posée par le député Felix Eischen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe les réponses de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, à la question parlementaire n° 831 du 25 juin 2019 posée par le député Felix Eischen.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

- 1. Kann den Här Minister mir soen, firwat den Audit der Chamber nach net zouganglech gemaach ginn ass, esou wéi hien dat an senger Antwort op meng parlamentaresch Ufroen n°4066 & n°4069 ugedeit hat?**

Den Audit, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, ass den 29. November 2018 un de Chamberpresident Gast Gybérien geschéckt ginn.

D'Dokument huet kee confidentielle Charakter an all Demande un de Ministère fir den Audit ze kréien ass positiv beäntwert ginn.

- 2. Kann den Här Minister mir bestategen, dass den Audit keng finanziell Analyse iwwer den Filmfong gemaach huet an mir erklären firwat dat esou ass?**

De Filmfong gëtt all Joer engem externen an onofhängege finanziellen Audit vu senger Comptabilitéit a senge Konten ënnerzunn, an dëst op Basis vum Kapitel 4 vum Gesetz iwwer de Filmfong.

De Fong erstellt all Joer seng Comptes annuels an d'Rapports financiers et de gestion (bilan, comptes de profits et pertes et annexes aux états financiers), déi och all Joer verifizéiert an zertifizéiert gi vun engem agreéierten an onofhängege Reviseur d'entreprises, deen vun der Regierung genannt, an all 5 Joer changéiert gëtt.

Dei verifizéiert an zertifizéiert Joreskonte mussen duerno vum Conseil d'administration vum Filmfong ugeholl an dann un de Conseil de Gouvernement weidergeleet ginn, deen dann dem Fong d'Decharge ausschwätze muss. D'Decharge vun der Regierung, déi accordéiert gouf, gëtt esou wei d'Joreskonten, ginn am Mémorial publizéiert. Eng verifizéiert an zertifizéiert Kopie geet duerno un d'Chambre des Députés, un d'Inspection Générale des Finances an un d'Cour des Comptes.

Des Weidere ginn de Joresrapport a sämtlech Decisioune vum Comité de sélection wat « aides financières sélectives » ugeet op der Internetsäit vum Filmfong publizéiert an zanter 1999 am Kader vun enger Pressekonferenz virgestallt.

Bei dem speziellen Audit den d'lescht Joer lancéiert gouf, ass et drëms gaange fir feststellen, ob déi nei Strukture vum Filmfong, déi säit dem Gesetz vun 2014 en place sinn, optimal fonctionnéiere, fir gegebenenfalls kënnen nogebessert ze ginn. Dernieft sollten d'Retombées économiques vun eisen Aiden evaluéiert ginn.

- 3. Wéi kann den Här Minister erklären, dass, laut de Recherchen vun Reporter.lu, Produzenten, déi mat öffentleche Gelder en daitleche Gewinn gemaach hunn, trotzdeem naischt zréckbezueelt hunn obschonns dat esou vum Gesetz virgeschriwwen ass?**

De Prinzip vum „remboursement des aides“, esou wéi en am Gesetz virgeschriwwen ass, gëtt vun der Administratioun vum Filmfong iwwerwaacht.

Dem Filmfong ass keng Gesellschaft bekannt, déi Suen op engem Film agespillt hätt, an déi se net no de Reegelen zeréckbezuelt hätt.

De Filmfong léisst regelméisseg extern Audite vum de Filmproduktiounsgesellschaft maachen, a wa sech géif erausstellen, datt e Produzent d'Gesetz net respektéiert hätt, géif vu Säite vum Filmfong reagéiert ginn.

- 4. Kann den Här Minister mir soe wéivill Filmer ëffentlech Gelder kritt hunn, déi am Endeffekt ni zu Enn bruecht gi sinn? Wat ass mat deenen ëffentlechen Suen geschitt?**

De Filmfong bestätegt, datt hien ni Produktiounshëllef u Filmer verdeelt huet, déi net fäerdeg gemaach goufen.

- 5. Kann den Här Minister bestätegen, dass bei den "Salaires directs" genee kontrolléiert ginn ass, wien déi Suen fir wéi eng Aarbechten ausbezuelt kritt huet? Kann den Här Minister an deem Kontext versécheren dass dës Salairen vun Pigisten an Freelance op mannst dem Mindestloun entsprechen?**

De Filmfong kontrolléiert Depensen am Kader vun enger Produktioun, nodeems schonn en externen Auditeur d'Produktiounskonten iwwerpréift huet.

Nëmmen déi Depensen, déi en Relatioun mat der Produktioun stinn, an och effektiv bezuelt goufen - an dorënner falen och all Salairen - kënnen subventionéiert ginn.

Den Deputéierte schwätzt vu „Pigisten“, a „Freelancen“. E Pigiste, also e fräi Schaffende Journalist, den op „pige“ - also op Basis vun enger spezifischer „tâche“ - remuneréiert gëtt, - existéiert an der Filmbranche eigentlech net. Den Terme „Freelance“ gëtt am Secteur net benotzt. Wann den Deputéierten awer ënnert Freelance en Indépendant versteet, dien entweder „intermittent du spectacle“ oder „artiste professionnel“ ass, dann ass esou eng Persoun ënnert dem Statut vum Indépendant beschäftegt, wou d'Konzept vum Mindestloun net besteet.

- 6. Kann den Minister mir soen firwat am Audit keng Analyse iwwer méiglech Interessenkonflikter tëscht Responsabelen vum Film Fong an Produzenten gemaach ginn ass, wëssend dass et där Fall soll gi sinn?**

Dem Minister si keng esou Interessenkonflikter bekannt.

- 7. Wéi kann et sinn, dass een Produzent staatlech finanziell Hëllef an Milliounenhéicht fir seng Produktiounsfirmer kritt huet an gläichzäiteg en Salaire als Beschaftegen vum Film Fong ausbezuelt kritt?**

Et kritt kee Produzent e Salaire als Beschaftegte vum Filmfong.

- 8. Firwat sinn nëmmen 20% vun den Projet'en am Audit kontrolléiert ginn, wuelwëssend dass bei deem Prozentsaatz ëmmerhin der zwee fonnt goufen, déi net en règle waren an awer vum Film Fong ëffentlech Suen kritt hunn? Kann den Här Minister mir soen wat mat deenen zwee Projet' en, déi also net en règle waren, geschitt ass?**

Aus dem Audit, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, ass keng Indikatioun ervirgaangen, datt e Projet net „en règle“ soll gewierscht sinn.

- 9. Wéi kann den Här Minister erklären, datt „Arrangementer “ gemaach goufen fir Projet'en ze finan zéieren, déi au préalable vum Comité de sélection refuséiert gi waren?**

De Filmfong confirméiert, datt kee Projet jeemoools eng « Aide financière sélective » krut, deen net majoritär vum Comité de sélection ausgewielt gouf. Och huet den Audit keen esou e Projet identifizéiert.

- 10. Wéi erklart den Här Minister, dass den Budget fir den Film Fong schonn no uewen definéiert ginn ass obschonns hien, laut senger Antwort op meng parlamentaresch Ufroen n°4066 & n°4069, u verschidden Upassungen op Basis vun de Recommandatiounen aus dem Audit wollt schaffen?**

Déi Upassunge sinn e Prozess, deen am Gaang ass, an déi éischt Ëmsetzungen sinn och um Wee. D'Stärke vum Secteur ass legitim, néideg an noutwenneg.

- 11. Fënnt den Här Minister et net dréngend noutwenneg no den aktuellen Erkenntnesser iwwer de Film Fong eng finanziell Analyse maachen ze loossen?**

All finanziell Rapporten sinn am Mémorial publizéiert an un d'Chamber weidergeleet ginn. Den honorabalen Deputéierte kritt op Demande all finanziell Rapporten, déi järelech iwwer de Filmfong gemaach ginn, zougestallt.

- 12. Wëssend, dass et laut dem Audit eng Partie Ongereimtheeten an Saachen Film Fong an Produzenten gëtt, dass Verdacht op Interessekonflikter, 11 prise illégale d'intérêts" respektiv „trafic d'influence" an aaneres besteet, huet den Här Minister den Dossier der Justiz iwwermëttelt?**

Esou Undeutungen sinn dem Minister net bekannt an och net am Audit mentionnéiert.